

Eis Sprooch... deemools... (5) vum Lex Roth

Wann eis jonk Leit ënner 50 Joer an nach drënner vu 'fréier' schwätzen, da fannen ech dat sympathesch flott. Wa mir 'Eeler' vu fréier oder 'deemools' rieds hunn, da geet dat (fir äis leider) an déi Zäit eran, wou si nach net op der Welt waren... a wou, bis op e puer Leit vum 'Dictionnaire' a ganz rare Schreiwerten ower och praktesch kee Mënsch sech ëm eis Sprooch bekëmmert huet. Dat ass net licht ze verstoen, wann ee jo bedenkt, dass d'Lëtzebuerg 1941 just mat hirer Mammesprooch den Naziverbriecher zu 98%, trotz deer gréisster Gefor, de Kapp bei deem hannerlëschtge 'Referendum' vum 10. Oktober dohinnergehal hunn, an dat... op Lëtzebuergesch (cf. '3mol Lëtzebuergesch')... iwregens d'Referenz vun eiser héichoffizieller 'Journée de la Commémoration Nationale'.



'Fréier', dat ass fir eis 2-3 leschter Generatiounen 1950-1960-1970... a wat guff et do fir eis Sprooch? Näischt! Dat léisst sech zimlech licht beweisen, besonnesch an der Press vun deemools. Do kuckt dir iech bal blann: Dir fannt knapps oder guer kee Lëtzebuergesch; emol net bei Familljenannoncen. Hei muss een ower soen, dass d'Scouten an hirem 'Kompass' an d'Resistenz an hirem 'Rappel' an dem Redakter Aloyse Raths Fouss bei Mol gehal hunn... e leider nëmme a klengem Krees bekanntent Buch fir d'Wëllefcherbranche ass 1977, duerch de Gerr Schroeder an de Jos. Molitor... souguer ganz op Lëtzebuergesch erauskomm... mä leider waren dat 'nëmme intern Veräinspublikatiounen'; datselwecht gëllt fir d'Zäitschrëft 'Eis Sprooch' vu virun 1971 an och duerno. Op d'Literatur an hir Roll komme mir an dëser Artikel-Serie nach méi genee.

An der Schoul: Et guff emol kee Blat Papeier fir eis Sprooch... grad eng Alibi-Mentioun op der Zensur... 'langue et littérature luxembourgeoises'... jidderengem eng gutt Nummer, an alles war zefridden; Where is the joke? kënt een op Englesch froen. Just am exemplaresche Geographiesbuch (Auteuren: Alphonse Kettenmeyer / Emil Erpelding) huet een deemools d'Lëtzebuerg Nimm vu Stied an Dierfer fonnt. Kierch: Vun nom Krich un ass et nach knapps eng Priedegt op däitsch ginn... ower de ganze Rescht: Latäin an Däitsch; d'Situatioun vun nom 2. Vatikanesche Konzil guff sproochlech eng aner, vun deer an dëser Artikel-Rëtsch och nach rieds soll goen. Vun Uertschafts-oder Stroosseschëlter op Lëtzebuergesch, keng Spur. Eis Uertschaftsnimm am Téléphonsbuch, näischt. Lëtzebuergesch Coursë fir Ausländer... a wanns de net gees!

Fir déi fonkelnei ACTIOUN-LËTZEBUGESCH guff et also, wat de Fransous nennt 'du pain sur la planche'! Mä dat Brout war nach laang net gebak, den Deeg emol nach net an der Mull, keng Hief fir opzegoen a keng Kuerbel fir et an d'Form ze kréien, näischt fir op d'Broutschéiss... de Bakewe knapps wodeleg. Natierlech och kee Geld!

Dat ass eng kleng Iddi vun den Ëmstänn, wéi mir 1971 ugefaang hunn! Et muss och nach beduecht ginn, dass vill Leit de Kapp iwver äis klengkarréiert Iddialistercher gerëselt hunn; anerer hunn et zwar net schlecht fonnt, dass 'emol eppes gemaach giff ginn', ower si hunn äis gewäerden / am Stach gelooss a kee Féngerche geréiert... et wëllt ee sech jo net blaméieren, gell dir.

Schoulminister war deemools den Här Jean Dupong; et war guer net esou einfach, fir déi Zäit 'privat' bei esou en décken Här ze kommen. Den Här Dupong huet ower net 'deen Décke' gespillt, den Heng Rinnen an äre Schreiwert hefir frëndlech ëmpfaang... an äis nogelauschert. 'Kee Buch an der Schoul? Mä da muss mir eent maachen. Ech loosse mir dat duerch de Kapp goen.' Esou ass dann och d'Buch 'Lëtzebuergesch an der Schoul' entstan; leider guffe keng Pädagogen dofir geholl, mä den Top-Spezial-Wëssenschaftler A. Atten. Deen huet dat esou zesummegeesicht, wéi hien et gesinn huet, 99 Säiten Texter... a 40 Säiten Orthographie dobäigepafft. Et war alt dat, a kee konnt méi soen, et wier näischt do, fir e bësse Lëtzebuergesch an d'Primärschoul-Säll ze kréien. Dobäi si mir natierlech net sëtze bliwwen... domat da weider an der KLACK 150.

D'MILLY-MAUS an aner Dichtereien



En neit Buch mat der Geschicht vun der Stad a Landmaus; eng genësseg Fabel, déi laang laang virun eiser Christus-Zäit entstan ass. Eng vun deenen éiweg wouere Geschichtercher, wou Déieren d'Roll, d'Charakteren an d'Gespräch vum Mënsch iwverhuelen; eng Seechen, déi am Mëttelalter an eis Géigend komm ass, duerno iwver de La Fontaine, de Lessing, den Dicks, de Rodange, den Auguste Liesch am Kleed vun hirer Zäit ënnert d'Vollek gang ass. De Fong ass ëmmer deeselwechten:

verdäiwelt mënschlech! D'Acteuren, d'Uluecht, d'Kleeder an d'Bühn hunn sech der Zäit an dem Moud ugepasst. Dëst MILLY-Buch gehéiert an all Bicherschef... et ass beileiwen net nëmme eng léif Kannergeschicht! Jiddere kann sech eng Nues voll dran huelen.

Am Buch sinn och eng 40 kleng a grouss, eescht a lëschtge Gedichter, zugudderlescht 15 extra vum Olivier Jaminon illustréiert bekannte Fabelen... nieft herrleche Biller vum Carlo Schneider, dem Nuckles Feider an dem Fons Biver; den Text ass, vum Auteur geschwat, komplett op enger CD (90') am Buch dobäi.

E CADEAU fir iech selwer oder e léiwe Mënsch; e Kommiounsgeschenk, dat 'bäihält'! An alle Bicherbutteker, 145 Säiten, nëmme 26,50 €!... dobäi eng gutt Actioun fir eis Sprooch!

Ceterum censeo... (29)

Mir ginn a genee 9 Woche 'stëmmen' (iwregens eisen typeschen Ausdruck fir 'wiele' goen!). D'Chamber vun elo huet et a 5 Joer leider net fäerdegbruecht, dem Lëtzebuergesch en eng éierbar Plaz an eiser Constitutioun ze ginn. Bei allem gudde Wëll vun der Majoritéit vun der 'Verfassungscommissioun'... a vun äis: Dat ass 'Aarmutt, looss mer Rou'! Eng Datz, a gitt sëtzt iech!

Et kann een nëmme de Kapp rëselen, wann ee bedenkt, dass mir auslänneschen Nationalitéitskandidate per Gesetz (ze) stur a stramm Sproochconditiounen ofverlaangen, ouni dofir e klor verständlecht Recht ze hunn, dat an eise Grondgesetz verankert ass; gelungenerweis waren do esouguer déi 2 Hären d'accord, déi fir eis Sprooch an d'Constitutioun e ganze Putsch Hoer an der Zopp fannen! Mir institutionaliséieren en Institut fir Sprooch(en), wou d'Lëtzebuergesch d'Haaptroll soll spillen... dat zugudderlescht net an eise Grondgesetz steet... an am Gesetz vun 1984 am Fong nëmme fir 'matière administrative et judiciaire'!

All Respekt fir 'Rou am Spill' an der Spezialcommissioun, ower et ass sech dann net ze verwonneren, dass mir op deem Wee klengkarréiert Partei-Frusterte begéinen, déi sech bëlleg op d'Käschte vun eiser Sprooch wëllen opspillen... de bonne/mauvaise guerre. Dat wäerte mir – leider! – och an der Wahlcampagne ze 'genëisse' kréien. En Dauereschued. Huet eis Sprooch dat verdéngt? D'Lëtzebuerg bestëmmt net. ■ L.R.

'klotze mat de Kappen'

Elo ass jo, normalerweis, déi geckeg Zäit eriwver, an da schléit een deene ville fläissegem Organisateuren net zevill an d'Pan, wann e bësse gegrangelt gëtt: Firwat bréng mir et net fäerdeg, de Kollege vun deer 'anerer Säit' net alles nozemaachen? Wann si 'Kappensetzungen' organiséieren, da solle mir dach emol driwwer nodenken, dass eng 'Kappe' bei äis keng 'Kap' ass; dat, wat si ophunn, ass alles ewéi eiser 'Kape' keng; et erënnert éischter un d'Form vun engem Schëff.

Eis 'Kap' ass ueweneriwver flaach an huet e Stuerz (kennt dir iwregens déi lëschtge Fro: Wat ass eng Kap ouni Stuerz?...)! Fir d'Fuesgeckerei kënt ee sech honnerterlee originell, faarweg, jauseg Kape-Modellen erdenken, och deer mat Vullennäschter an allerhand geckegem Gedéngels uewendrop... Loosst mer dach emol sou eppes probéieren, aplaz nëmme op de Rhäin knäipen ze goen. Mir hunn e Joer Zäit...

Wéi originell fannt dir et dann, wann hei op eemol an enger Reklamm fir eng 'Kapesetzung' steet, si giffen net 'kleckeren ower klotzen'; do mengt een dach, de Lämmes wier lass gewiescht... déi Leit muss sech an der Uertschaft vergraff hunn... an der Sprooch op jidfer Fall! Op Lëtzebuergesch wier dat ongeféier: Mir fréckelen net, mir fachen duer! 'kleckeren a klotzen', dat ass wierklech en Hummer!... dat gehéiert iwverall mä net bei äis!

'Pinkelpaus'?

Do huet dach e ganz dichtege (?) Journalist e puer Deeg no der Tripartite-Setzung an engem Commentaire um Radio gemengt, déi sou genannt 'Pinkelpaus' wier fir d'Journalisten en intressanten Ament, fir eppes gewuer ze ginn, well wann de Premier dann 'hannerwands' goe géif, da kéint een 'en passant' dat eent oder dat anert vun him gewuer ginn.

Ech gleewen, dass och eise Premier vun Zäit zu Zäit 'néideg' gëtt an dass hie 'muss', mä well hien awer net vergiess huet, vu wou hien hir ass, geet hie bestëmmt net 'pinkelen', wéi s'et déi Säit der Musel maachen, mä hie geet nach ëmmer op gutt Lëtzebuergesch 'pissen'. Mir hu jo och keng 'Pinkelblumm' (niewebäi gesot och kee 'Léiwenzannt'), mä ëmmer nach eng 'Pissblumm'. An dofir profitéiert eise Premier vun der Paus – net wéi de Journalist et sot – fir 'pinkelen' ze goen. Hie geet héchstens vläicht s... , mä dat seet ee jo net!

A propos, wéi vrun e puer Joer Lëtzebuerg aus Amerika an eise Ländche waren, du frot ee vun hinne mech, wéi wann et dat Selbstverständlechst vun der Welt wier, wuer hie kéint s... goen. Am 19. Joerhonnert, wéi hir Virfuere ausgewandert sinn an eis Sprooch mat an d'Friemt geholl hunn, gouf deen Ausdruck nun emol nach net als graff ugesinn. Firwat och eigentlech? Mir hu jo och näischt géint eng 'Bettseesch-Zalot', vrun allem wa se gutt noenee gemaach ass... ■ AL

Rosewéineg...

Loosst mer emol méi dacks iwver d'Eegenart vun eiser Sprooch nodenken... Gewëss, et ass vill Däitsch dran, och eng Partie Franséisch. Mä mir hu kéipweis Ausdréck an Ausdröckswisen, déi 10 km déisäit der Grenz kee méi versteet... kaaft iech dofir d'Buch 'EISES' (a jidfer éierbarer Librairie an op eise Adressen), an deem mir dausende vu Wieder a Wuertgebräicher zesummegeraf hunn, déi d'Lëtzebuergesch vun sengen Nopeschsproochen ënnerscheeden. Do dierft dir probéieren, fir alles op franséisch oder däitsch ze iwversetzen... an dir wäert iech wonneren. Doriwwer eraus ass et och nach immens gutt fir d'Zentral uewen am Käppchen; et bréngt op d'mannst esouvill wéi SUDOKU oder Kräizwierder!

Den Här Professor Tit Mannon stéisst äis op d'Iwwerschrëft vun dësem klengen Artikel: Roserei, rosen (als Adjektiv+Verb!), rosewéineg. Iwwersetzt emol op däitsch (als kleng Sport vläicht och op franséisch): deen huet mech rose gemaach; ech krut ower eng Roserei u mech; hien huet un der Dier geroost; deen hat rosewéineg opweises... gell, do kritt ee Krämpes! Am Däitschen hu mir zwar 'Raserei', ower dat klappt net mat eiser 'Roserei', a 'rasen' ass eng Saach vu Vitesse; e 'Raser' hu mir net op der Strooss; schreift dir eppes vu 'rasendwenig', da sidd dir am Thomas Mann senger Sprooch am Gruef. Fir d'xte Kéier: Eis Sprooch ass net esou aarm, wéi mir sproochaarm sinn. ■ P.W.